

# E pickegen Zonk ronderëm d'Pressefräiheet

*Vun elo uns wäert näischt méi sin wéi virdrun. Dat war dee Commentaire, deen een an den Deeg a Wochen no den Attacken op de World Trade Center iwwerall konnt héieren. Gëlt dës Ausso nach ëmmer? Limitéiert ee sech an der Analyse op d'Medien an d'Fräiheet vun der Presse, da muss een tatsächlech vun enger Zäsur schwätzen.*

Nom 11. September war et deene mannste fir ze laachen. Och nët deenen, déi domadder normalerweis hier Suë verdéngen. Den Entertainer Harald Schmidt huet séng Show e puer Deeg ausfale gelooss. Säi Witz mat duebelem Bueden hätt kënne falsch verstane gin. Mee nët nëmmen d'Medieleit aus dem komesche Fach ware schlecht drun; deenen aus deem eeschten, dem Journalismus, goung et nët besser. Jhust datt si den Dag selwer hu missen op d'Antenne goen resp. den anere Mueren mat hirer Zeitung erauskommen.



En éischte Rapport vun der Internationaler Fédératioun vun de Journalisten koum 6 Wochen no den terroristeschen Attacken zu der Konklusioun, datt d'Reporter an d'Redaktere sech am allgemenge relativ gudd aus der Affär gezunn hätten.



En interessante Phänomen konnt an Dänemark festgestallt gin. Während déi dänesch Zeitungen zanter ëmmer an éiweg national Evenementer op der éischter Säit bruecht hun, konnt een op eemol international Schlagzeilen als Opmaacher liesen. No e puer Wochen huet sech d'Opreegung awer nees geluecht. An deem Kontext as an den USA haart driwwer diskutéiert gin, op d'Medien an der Vergaangenheet nët de Fehler gemaach hätten, d'Aktualitéit an anere Länner zevill z'ignoréieren. Am Juni dëst Joer konnte sech déi Leit, déi sech doriwwer de Kapp zerbrach hun, deen nemmlechten nees a Rou leën: Eng Emfro vum Fuerschungszenter Pew huet gewisen, datt sech d'Informatiounsgewunnechte vun de Leit knapps geännert hun. Am Verglach mat dem Fréijoer 2000 hu sech ganz wéineg Leit méi nom 11. September fir international Sujetë kënne begeeschteren; a wann dach, da waren et Bierger mat engem héijhen Ausbildungsniveau.

As also alles bliwwen, wéi et war virum 11. September? Guer a glad nët, och wann et op deen éischte Bléck vläicht duerno ausgesäit. Et as schon domadder ugaangen, datt zemols an den USA vun de Medieleit erwaart gouf, si sollte fir d'éischt Patriote sin an dann eréischt Journalisten. Bal hätt ee kënne mengen, si géife sech dorunner halen. Zwee publizistesch Kritiker vum George W. Bush kruten den Saack, well si de President ze schaarf attackéiert haten. Mee wéi d'*New York Times* bis hier deeglech Spezialsäiten *A Nation Challenged* Enn dës Joers agestallt huet, koum den ale Bëss lues a lues zeréck. Mëtt Februar huet d'Zeitung d'Pläng vum Pentagon opgedeckt, déi ausländnesch Medie mat manipuléierten Informatiounen ze versuergen. Dorop-shin as de Minister Donald Rumsfeld huerteg zeréckgerudert.

Mee wéi d'Journaliste lues a lues erwecht sin, hu si misse feststellen, datt d'Politiker op der ganzer Welt am Numm vum Krich géint den Terrorismus amgaang waren, e pickegen Zonk ronderem d'Fräiheet vun der Presse opzeriichten. Dobäi muss een tëscht zwou Zorte vu Staaten ënnerscheeden: Do sin engersäits déi haaptsächlech westlech Reejhirungen, déi liicht panesch Mesürë geholl hun, déi gewollt oder ongewollt d'Aarbecht vun de Reporter méi schwéier an esouguer onméiglech maachen. Da gët et anersäits déi souwisou autokratesch Regimer, déi vun der Geleënheet profitéieren, fir d'Schrauf vun der Meenungsfräiheet e Krack oder zwee bäizedréie resp. fir hier politesch Géigner am allgemengen ze kujhonéieren. Zu der zweeter Grupp gehéiert beispillsweis China, datt de muslimesche Separatisten vun den Uighuren am Nordweste vum Land zanterhier d'Liewen nach méi sauer mécht. Als weider Beispiller kann ee Pakistan, Jordanien, Russland an Indonesien nennen.

Deene westleche Länner muss ee virgeheien, datt si de Quelleschutz opgeweecht hun. Da gëlt speziell fir d'USA a Kanada. Oder si suergen duerfir, datt déi elektronesch Kommunikatioun méi schaarf iwwerwaacht gët, zum Beispill den E-Mail-Verkéier. Dat gëlt fir eng Partie europäesch Staaten a besonnesch fir d'Europäesch Unioun, déi amgaang as, den Dateschutz a Punkten auszehiewelen, déi fir d'Bierger a speziell d'Journaliste kruzial sin: D'Reporter verléiere Kontrollméiglechkeeten an kënnen duerfir selwer méi kontrolléiert gin. Duerfir schreift d'International Fédératioun vun de Journalisten an enger aktualiséierter Versioun vun hierem Rapport iwwert d'Konsequenze vum 11. September:

"D'Reejhirunge sin drop aus, fir de Feind ze dämoniséieren, mee d'Medien an d'Journalisten, déi fir si schaffen, musse sech géint den Drock vun de Politiker wieren, déi bereet sin, d'Biergerrechter an d'Pressefräiheet ze afferen, fir de Propagandakrich ze gewannen."

PS: Der International Federation of Journalism hier Etude *Journalism, Civil Liberties and the War on Terrorism* kann ee vun hierer Homepage eroflueden (*www.ifj.org/ifjfrontpage.html*). De Rapport *Public's News Habits Little Changed by September 11* vun dem Pew Research Center for the People bezitt sech speziell op déi amerikanesch Situatioun (*http://people-press.org/reports/display.php3?ReportID=156*).

*(Fräie Micro um honnert,7 vum 4. September 2002)*

**Romain Kohn**

**As also alles bliwwen, wéi et war virum 11. September? Guer a glad nët, och wann et op deen éischte Bléck vläicht duerno ausgesäit.**